# 06.03.1988 : 4. Generalversammlung

## De Bericht, dee mer selwer geschriwwen hunn, gouf am « Wort » publizéiert :

Montag, den 28. März 1988

## Wiisser Leit

De President Gerry Hein konnt bei der Generalversammlung den Buergermeeschter Roby Schmit, d'Gemengeréit Annette Faber-Berger, Marcelly Stark-Schmit, Roland Delles, Johny Lamesch, Edy Steffen a Lucien Wies, den Här Paschtouer Aloyse Bellwald, Vertrieder vu Veräiner aus der Gemeng Munneräf an eng Rei Awunner vun Altwis begréissen. Hien huet all deene merci gesot, déi am Laf vum leschte Joer « d'Wiisser Leit » ënnerstëtzt hunn.

Vun iwwer 40 Aktivitéiten konnt de Sekretär Fernand Tremuth a sengem Aktivitéitsrapport iwwert dat drëtt Joer vum Bestoe vun de « Wiisser Leit » schwätzen. E puer Punkten siefen hei erausgestrach : Net manner wéi 150 Memberskaarten konnten un d'Awunner vun Altwis verkaaft ginn. Organiséiert goufen e gemittlechen Nomëtteg (Referat Georges Calteux), eng Blummenaktioun, Opstelle vu Blummebacken, eng Botzaktioun an der Grouf, en Duerffest, d'Kleesechersfeier, d'Éirung vun deenen Eelsten aus dem Duerf. Als Extra-Organisatiounen fir 1987 konnt een eng Informatiounsversammlung iwwert d'Waasserfabrik a Kickeschpannt, d'Aweihung vum restauréierten Greeff-Kräiz op der Dresch, d'Setze vun engem Bam fir deen neie Gemengeconsellje Marcelly Stark-Schmit an dräi Opféierungen vum Josy Christen sengem Theaterstéck « Paltong, Box an Hiem » festhalen. Och iwwert d'Erneierung vun der Fëlschdrëfferstrooss an der Victor-Hugo-Strooss huet de Veräin sech um Lafende gehalen (Rendez-vous am Transport-Ministère) an en huet Plangen ausgeschafft mat eegenen Ideeën iwwert deen neien Duerfkäer. Elefmol ass de Comité fir Sëtzungen zesumme komm.

De Caissier René Putz huet dun de Bilan gemat iwwert d'inanziell Laach vum Veräin. De Comité huet et färdeg bruet, an deenen dräi Joer, dass « d'Wiisser Leit » bestinn, e e gesonde finanzielle Fong ze schafen, deen et dem Veräin erlaabt, mat Zouversiicht an d'Zukunft ze kucken an och weider un der Verschéinerung vum Duerf ze schaffen. D'Caisserevisoren Romain Frantz a Fred Barthels haten dem Caissier seng Bicher iwwerpréift an hunn him seng Konte bestätegt.

Bei der Deelerneierung vum Comité gouf de Romain Frantz nei an de Comité opgeholl. Aus dem Comité trëtt d'Marie-Jeanne Meyer, dat net méi zu Wis wunnt. Als Caisserevisoren hunn sech de Fred Barthels an de Guy Majerus gemellt.

Om Programm '88, dee vum Sekretär virgedroe gouf, stinn e.a. e Virdrag mat Diaën iwwert de Bio-Guart vum Aloyse Ramponi, d'Blummenaktioun, den Trëppeltour am Hierscht, den Theater Ufanks Wanter an d'Duerffest den 19. Juni mat enger grousser Attraktioun : de Fausti gouf fir deen Dag engagéiert !

De Buergermeeschter Roby Schmit huet d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng ervirgehuewen, déi sech esou guer nach soll verbesseren. En huet och verschidde Punkten (Tipp zu Wis, Duerfkäer) ugeschnidden, déi 2d'Wiisser Leit » direkt intresséieren. D'Erneieren vun der Fëlschdrëfferan der Victor-Hugo-Strooss si fir den Hierscht '88 geplangt. Enn März, Ufank Abrëll soll et dann och zum Dialog kommen tëschend der neier Gemengeféierung an de « Wiisser Leit ».

De Veräin huet alle Gäscht en Éirewäin offréiert, éier d'Aktivitéiten vun 1987 dann nach eng Kéier am Résumé op Diaën virgefouert goufen, woubäi dann och jidfereen säi Kommentar zum beschte konnt ginn.

Fir 1988 setzt de Comité sech esou zesummen : President Gerry Hein, Vizepresident Jos Braun, Sekretär Fernand Tremuth, Caissier René Putz, Membren : Jean Berscheid, Romain Frantz, Patrick Hermes, Michel Maeder, Marco Putz, Michel Raguet, Jean-Paul Renckens, Catherine Roger, Jeff Schmit, Marlène Schmit, Mercelly Stark, Diane Steichen, Arsène Wies, René Zambon an Gilbert Zepp.

# Em Caissier säi Rapport :

| | Recettes | Ausgaben |
|---|---|---|
| Blummenaktioun | | 27.743.- |
| Gemittlechen Nomëtteg an Duerffest | 91.614.- | |
| Theaterowender | 48.737.- | |
| Memberskaarten | 40.150.- | |
| Don | 1.500.- | |
| Zënsen | 2.583.- | |
| Verschiddenes | | 10.152.- |
| Trëppeltour | | 2.199.- |
| Iessen a Gedrénks | | 9.200.- |
| Subsiden a Primmen | 81.000.- | |
| Timberen | | 4.615.- |
| Drécksaachen | | 437.- |
| Assurances | | 3.543.- |
| Fir Memberen, General-versammlung a.s.w. | | 25.065.- |
| Material | | 77.305.- |
| Total | 265.584.- | 160.259.- |

| | | |
|---|---|---|
| Recetten | 1987 | 265.584.- |
| Ausgaben | 1987 | 160.259.- |
| Boni | 1987 | 105.325.- |
| Caisse | 21.01.1987 | 141.429.- |
| Caisse | 29.02.1988 | 246.754.- |
| | | |
| Compte courant | 29.02.1988 | 245.942.- |
| Haus-Caisse | 29.02.1988 | 812.- |
| | Total | 246.754.- |